

Préface Monsieur Xavier Bettel – Premier-a Kulturminister

Préface Monsieur Guy Arendt – Saatssekretär fir Kultur

Dat beléifte Maacher Drauwen- a Wäifest ass eenzegaarteg op der Musel a bitt all Joer erëm den ideale Kader, fir eis un d'Aarbecht vum Wénzer, déi iwwer dat ganz Joer gelescht gëtt, ze erënneren an se virun allem ze wierdegen. Eis exzellent Wäiner a Cremante sinn den Erléis vun dëser Aarbecht a stinn dohier, nëmmen zu Recht, déi dräi Deeg ganz kloer am Méttelpunkt.

Dëst traditionellt Volleksfest ass ëmmer nees d'Geleeënheet, sech op déi Ressourcen ze besënnen, déi d'Regioun maassgeeblech prägen, an dat net nëmmen aus ekonomescher Siicht, mee virun allem och historiesch a kulturell gekuckt. De regionale Patrimoine an eist Wëssen doriwwer, dat mir iwwer déi lescht Joerzénge gesammelt an optiméiert hunn, ginn op dësem Weekend exzellent a Valeur gesat a gefeiert.

Evenementer wéi d'Maacher Drauwen- a Wäifest, déi d'Matbierger vun no a vu wäit invitéieren zesummenzekommen, si ganz wichteg, well si erméigleche jiddwerengem, um lokale respektiv um regionale Patrimoine deelzehuelen a schafen innerhalb vun eisen Dierfer a Stied déi esou wichteg gemeinsam flott Momenter fir e friddlechen Zesummenhalt. Dëst ass besonnesch wouer an Zäiten, an deenen den Accent méi oft op Ënnerscheeder wéi op Gemeinsamkeete läit. Et ass ëmsou méi wichteg, datt mir ervirhiewen, wat eis alleguer matenee verbënnt, an dat och iwwer d'Grenzen eraus.

D'Leit, déi sech mat vill Engagement asetzen, fir dëst ze erméiglechen, sinn d'Réckgrat vun dëse Fester a vu grousser Bedeitung. Si droen nämlech onmëssverständlech zu der Attraktivitéit an der Identitéit vun de Gemengen an de Regiounen bäi. D'Promotioun vun eise regionale Produiten, d'Aarbecht vum Wénzer an eist Kulturierwen no baussen ze droen, si wichteg Aufgabe fir d'Veermaartung vun eiser Regioun an eisem Land. An dësem Sënn wënsche mir der neier Wäikinnigin Sophie mat hire Prinzessin vill Erfolleg bei dëser Missioun.

Eise grouse Merci gëllt awer och dem Comité des Fêtes vu Gréiwemaacher esouwéi de ville fläissegen Hänn, déi beim Opsetze vum ganz villversprechende Programm matgeholfen hunn, mat als Héichpunkt sécherlech dem traditionelle folkloristeschen Ëmzuch mat iwwer 40 Ween, Museksgruppen a Veräiner laanscht d'Musel an duerch d'Stroosse vu Gréiwemaacher.

Mir wënschen dem Comité de verdéngten Erfolleg an all de Visiteure vill flott a geselleg Stonnen um 69. Maacher Drauwen- a Wäifest.

Xavier Bettel – Premier-a Kulturminister

Guy Arendt – Saatssekretär fir Kultur